N°1481
Entrée le 06.12.2024
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, vum Premierminister a vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n°1481 vum 7. November 2024 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

D'Regierung huet keng Informatioune betreffend der honorabeler Europadeputéiert Tilly Metz hiren Aussoen zu de Käschten, déi eng Unerkennung vum Lëtzebuergeschen als EU-Sprooch mat sech géif bréngen.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass a bleift e wichtegen Deel vun eiser Identitéit. Si ass och dofir rezent an eiser Verfassung verankert ginn.

D'Budgetspropose 2025 gesäit aktuell 80.000 € fir d'Iwwersetzung vun den offizielle Verträg vun der europäescher Unioun vir. D'Iwwersetzungskäschte vun EU Dokumenter vun enger offizieller EU Sproch an eng aner offiziell EU Sproch ginn iwwert den EU-Budget ofgedeckt.

Op europäeschem Niveau komme mir net derlaanscht och déi méi praktesch Aspekter mat en compte ze huelen, wéi z.B. den administrativen Opwand deen dat op alle Säite bedeit, an de Mangel un Dolmetscher, déi Lëtzebuergesch kënnen. Hei gëllt et, dat Wënschenswäert mat deem Räsonabelen ze kombinéieren. Mir verweisen hei op d'Äntwerte vum Premierminister a vum Kulturminister op d'Froen 125 an 126 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup a vun der honorabeler Deputéiert Mandy Minella vum 22. Oktober 2024.

D'Lëtzebuerger Regierung wäert, wei gesot, awer déi verschidden Aspekter, esou wéi dat scho mol an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, nach eng Kéier op de leescht huelen an driwwer diskutéieren fir ze kucken wéi eng Weeër et gëtt fir eis Lëtzebuerger Sprooch konkret op europäeschem Niveau ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 4. Dezember 2024

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel